ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

QP N°3589

RECU
Par Christine Wirtgen , 09:24, 08/02/2021

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 8. Februar 2021

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Kulturminister weiderzeleeden.

D'Birtrenger Schlass hat zulescht der Baronin de Broqueville gehéiert, déi am Januar 2018 verstuerwen ass an d'Gebailechkeet zesumme mat den Dependancen un d'Rout Kräiz verierft huet. Dësen Domän vun ongeféier 85 Hektar mat engem als nationaalt Denkmal klassifizéierte Schlass ass elo de Januar an d'Vente komm, well den Zoustand vum Schlass et net erlaabt huet, eng vun den Aktivitéite vum Roude Kräiz do ze organiséieren. Déi néideg Renovatiounsinvestitioun fir esou e Projet ze realiséieren, wier ze grouss gewiescht.

Ier dësen Domän mat engem Verkafspräis vu Minimum 5,2 Milliounen Euro schliisslech an d'Vente gaangen ass, soll d'Rout Kräiz sech fir d'éischt un de Staat geriicht hunn. Dëse wier awer net intresséiert gewiescht, fir dee gesamten Domän ze kafen. Testamentaresch goufen awer Verkafsbedéngunge festgehalen, déi ënnersoen, datt d'Grondstéck opgedeelt gëtt fir et u verschidde Keefer ze verdeelen.

An deem Kontext wéilt ech d'Madamm Kulturminister gär froen:

1. Firwat wollt de Staat dëst Schlass, dat offiziell als nationaalt Denkmal klassifizéiert ass, net kafen?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation
5, rue Plaetis
L-2338 LUXEMBOURG

REÇU
Par Alff Christian , 10:46, 09/03/2021

Référence : 837x1c28b

Luxembourg, le 9 mars 2021

**Concerne :** Question parlementaire n° 3589 du 8 février 2021 de Monsieur le Député Fred Keup concernant le Château de Birtrange

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse commune à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments très distingués.

Pour le Ministre des Finances,

Bob KIEFFER
Directeur du Trésor

3, rue de la Congrégation
L-1352 Luxembourg

Tél. (+352) 247-82600
Fax (+352) 247-92625

Adresse postale
L-2931 Luxembourg

ministere-finances@fi.etat.lu
www.mfin.gouvernement.lu

144-000003-20040525-FR

**Äntwert vum Finanzminister, Pierre Gramegna, a vun der Kulturministesch, Sam Tanson, op d'parlamentaresch Ufro n°3589 vum 8. Februar 2021 vum honorabelen Deputéierten Fred Keup bezüglech d'Birtrenger Schlass**

D'Akafspolitik vum Staat besteet net doran all Gebai wat offiziell als nationaalt Denkmal klasséiert ass, ze kafen. Villméi gëtt si duerch déi konkret Besoinen vun den ëffentleche Servicer an Administratiounen definéiert.

Donieft sief ze bemierken, datt Gebaier déi ënner Denkmalschutz sti vun enger adequater a gesetzlech gereegelter Protektioun profitéieren, ob se am Besetz vum Staat sinn oder net.

De Staat huet bis haut keen eegene Besoin fir dëst Schlass identifizéiert. D'Kafe vun deem Schlass géing iwweregens nach gréisser Renovatiounsinvestitiounen, an, onofhängeg vu senger Affektatioun, héich Fonctionnementskäschte mat sech bréngen.